



MODERN.

FAIR.

TRANSPARENT.



WALPROGRAMM FIR CLIÄRREF!

*De lokale Walprogramm vun de Clärrewer Piraten
fir d'Gemengerotswalen den 8. Oktober 2017*

VIRWUERT



D'Piraten trieden no de Chamberwalen 2013 an den Europawalen 2014 d'ëst Joer elo fir eng éischte Kéier an 6 Proporz-Gemengen fir d'Gemengerotswalen den 8. Oktober 2017 un, esou och zu Cliärref.

Sechs Joer no der Fusioun vun de Gemengen Munzen, Hengischt a Cliärref, stelle mir fest, datt et beim Zesummewuessen vun de fréiere Gemengen ëmmer nach Saache ginn, déi dréngend ëmgesat mussen ginn. D'Thema vum öffentlichen Transport gouf esou zum Beispill guer net ugepaak.

Eiser Meenung no feelt et och däitlech u Visiounen, wat d'Zukunft vun enger vun de flächeméisseg gréisste Gemengen am Land ugeet. Mat Opgoë vum neie Lycée verspricht ee sech vill, allerdéngs si mir der Meenung, datt eis Gemeng sech parallel matentwéckele muss.

Mir Piraten sinn der Iwwerzeegung, datt mir mat frëschem Iddien Eist dozou bäidroen kënnen, fir Cliärref net nëmme méi biergerfrëndlech a partizipativ, mee och fit fir d'Zukunft ze maachen.

Mir giffen eis iwwert äer Ënnerstëtzung den 8. Oktober freeën,

ANDY MAAR

Spätzekandidat vun de Cliärrwer Piraten

EIS KANDIDATEN



ANDY MAAR
33 Joer, Informatiker
vu Reiler



PIERRE CONRAD
25 Joer, Brëifdréier
vun Draufelt




ANNE NICOLAS
23 Joer, Studentin
vu Siwenaler



JOE SCHAACK
24 Joer, Student
vu Maarnech



MARIE-JOSÉE BICHLER
52 Joer, Hausfra
vun Draufelt



JOSÉ RODRIGUES
34 Joer, Brëifdréier
vun Eselbuer



ALINE CONRAD
22 Joer, Studentin
vun Draufelt

1. CLIÄRREF: ENG GEMENG MAT LIEWENSQUALITÉIT

Nodeems am Joer 2011 aus de Gemengen Cliärref, Munzen an Hengescht déi nei Fusiounsgemeng Cliärref ervirgaangen ass, stelle mir haut, sechs Joer méi spéit fest, dass eis Uertschaften nach net ganz esou zesummegehuess sinn, ewéi een sech dat hätt kënne virstellen. D'Piraten vermessen do vun den Verantwortlechen aus de leschte Joeren eng Visioun, wéi een d'Awunner méi no beienee bréngen kann. Mir proposéieren de Bierger dofir eng Rëtsch Punkten, déi mir mat äerer Ënnerstëtzung gären am nächste Gemengerot ugoe giffen.

1.1 CLIÄRREF BESSER VERBANNEN: E CITY BUS FIR D'GEMENG!

Den aktuelle RGTR-Busréseau staamt nach aus enger Zäit laang virun der Gemeengefusioun am Joer 2011 an entsprécht haut net méi de Bedierfnësser vun den Awunner.

Nodeems elo och ëmmer méi Geschäfte a Servicer ewéi d'Post oder d'Apdikt aus der Foussgängerzon Richtung Shoppingzenter zu Maarnech ofwandern, wäert d'Mobilitéit eng nach vill gréisser Importenz fir eis Awunner kréien. Grad als eng vun de flächeméisseg gréisste Gemengen am Land, sollte mir eis ëm e besseren öffentlechen Transport beméihen.

D'Piraten wëllen dofir am nächste Gemengrot d'Initiativ vun engem „Cliärref Bus“ ustoussen, enger Bus-Linn, déi all eis Uertschaften matenee verbënnt. Mat esou enger Bus-Linn, weess all Awunner oder Tourist, dass en un all Plaz an eiser Gemeng ukënnt, ouni sech laang duerch en Dschungel un Buszäitpläng vun den ënnerschiedlechsten Buslinnen wullen ze müssen.

Gläichzäiteg soll d'Vernetzung an der Region besser funktionnéieren. Bei der Reorganisatioun vum RGTR-Réseau mussen mir eis als Gemeng fir eng méi staark Ubannung un aner Gemengen asetzen. D'Leit wëlle vill méi séier an onkomplizéiert an d'Schwämm op Housen, op Wolz oder och op Ettelbréck kommen. Et ass dobäi wichteg, dass mir als Gemeng e Konzept ausschaffen, deen un d'Horaire vun den Zich an och un déi regionale Busverbindungen adaptéiert ass.

Am Virfeld vun der Reorganisatioun vum RGTR-Réseau wëlle mir als Piraten eng gemengewäit Ëmfro lancéieren, déi dann an d'Diskussionen mam Transport- an Nohaltegkeetsministère matafléissen.

1.2. D'NUETZICH ALLEN AWUNNER ZOGÄNGLECH MAACHEN

Nodeems den Transport- an Nohaltegkeetsministère enger laangjäreger Piratenuerderung Rechnung gedroen huet, fueren elo zënter Dezember 2016 Nuetszich un de Weekender. Vu dass awer nëmmen 2 vun eisen 17 Uertschaften eng Gare hunn, kënnen net all eis Awunner ouni weideres dovunner profitéieren. Mir wëllen dofir suergen, dass eng Bus-Linn en place gesat gëtt, déi och zu de méi spéiden Auerzäiten um Weekend d'Leit vun de Garen sécher an hir Uertschaften zeréck bréngt. Heifir giff sech de „Cliärref Bus“ optimal eegnen, deen een dann nëmmen un den Horaire vun den Nuetszich unzepasse brauch. Dëst bréngt net nëmmen méi Liewensqualität fir d'Awunner, mee mecht d'Gemeng och nach méi attraktiv fir Besucher.

1.3. MËI WUNNRAUM, DEE SECH JIDDEREE LEESCHTE KANN!

Cliärref wäert sech an den nächste Joeren mat Opgoen vum Lycée Edward Steichen nach bedeitend weiderentwéckelen. Mir ënnerstëtzen dofir aktiv den nohaltegen Bau vun Wunnengen, déi och zu opmannst engem Drëttel sozial Wunnengen virgesi sollen. Dëst an enger Kooperatioun mat der Agence Immobilière Sociale (AIS). Beim Bau sollt op eng gutt Integratioun

an d'Stadbild vun den jeeweilegen Uertschaften opgepasst ginn an och engem ökologeschen Aspekt Rechnung droen.

1.4. PARKSITUATIONEN VERBESSEREN!

Mat den Embauaarbechten am Beräich vun der Gare an dem bevirstoenden Schantgen op der BeNeLux-Plaz wäerten op ee Coup eng grouss Zuel u Parkplazen verschwannen. Mat Opgoen vum Lycée Edward Steichen féiert dat op laang Siicht zu engem groussen Parkplazmangel. Nodeems säit Joerzénge iwwert alternativ Parkingen nogeduecht gëtt, bedauern mir et, datt elo nach ëmmer net Neel mat Käpp gemaach gouf. Mir setzen eis dofir an, datt kuerzfrësteg e Park & Ride um Terrain vun der Hall Polyvalent entsteet, deen via „Cliärref Bus“ d'Leit op der Gare an dono an den Zentrum vu Cliärref bréngen soll.

Mëttelfrësteg muss d'Gemeng awer an de Bau vun engem Parkhaus investéieren. Mir ënnerstëtzen dofir alternativ d'Iddien vun engem Parkhaus am Klätzewe resp. a Partnerschaft mat der CFL um Terrain vun der Gare. Béid Gebaier wëlle mir och ënnert ökologeschen Gesiichtspunkten verwierklechen, fir den Impakt vu Groussbauten samt Stéckstoffbelaaschtung op d'Ëmweld an op d'Awunner esou geréng wéi méiglech ze haalen.

1.5. CLIÄRREF MËI SÉCHER MAACHEN!

Wann d'Transversale bis fäerdeg gestallt ass, wäerten d'Camionen aus Cliärref verschwannen. Mir wëlle spéitstens dann e Shared Space am Zentrum vu Cliärref ëmsetzen. Uertschaften ewéi Mamer oder Haren an Holland weisen, datt et geet! An där verkéiersberouegter Zon, déi sech eisen Iddien no vun der BeNeLux-Plaz duerch d'Grandrue bis bei d'Altersheem erstreckt soll, dee sech d'Foussgänger an d'Autoen resp. Busser gläichberechtegt d'Strooss. D'Strooss gëtt nivelléiert: Schluss mat enken Trottoiren! Dëst bidd och endlech d'Geleeënheet, dës gro an trouschtlos Strooss opzewäerten.

Ma och an aneren Uertschaften ass esou e Konzept virstellbar. Hei soll d'Gemeng mat de betroffenen Awunner en Dialog ustoussen an bei engem Konsens de Projet zesumme mat hinnen ëmsetzen.

1.6. CLIÄRREF: EN DOHEEM FIR JIDDWEREEN

Mir begrëssen et, datt Cliärref während der internationale Flüchtlingskris seng Responsabilitéit huele wollt. Mir bedauern et allerdéngs, datt den Här Buergermeeschter vun den ugangs 300 versprochenen Iwwernuechtungsméiglechkeeten op 150 erof gaangen ass. Gläichzäitig bedauere mer och d'Bauweis vun den Ënnerkënt fir Schutzsicherer: duerch d'Verlaagerung vun engem eegens gebauten Komplex ausserhallef vu Maarnech laafe mer Gefor, d'Leit vun der Gesellschaft ze isoléieren.

D'Piraten sinn der Meenung, datt och Cliärref sech solidaresch weise muss. Elo, wou net méi ganz déi Drénglechkeet do ass ewéi nach am Hierscht 2015, hu mer elo och Zäit, fir Strukturen ze plangen, déi eng positiv Inklusioun an d'Gesellschaft fördert! Mir setzen eis fir e Komplex an, dee manner no Noutléisung ausgesäit, dofir awer d'Wüerd an d'Besoinen vun de Leit garantéiert. Mir stellen eis eng Cité vir, déi och duerch Sozialwunnengen fir Résidenten mat wéinege finanzielle Mëttelen geduecht ass, genee esou wéi Standard-Wunnengen, fir esou eng méiglechst grouss Diversitéit ze kréien. Vun där Alternativ profitéiert um Enn jiddwereen.

1.7. MËI VUN STAATLECHEN AN EUROPÄESCHEN FONDS GEBRAUCH MAACHEN

Et ginn eng Reih Fondsfonds, déi de lëtzebuergesche Staat an d'Europäesch Unioun lancéiert hunn, esou zum Beispill d'AMIF, Horizon 2020 oder den FSE. Hei sollt d'Gemeng méi aktiv kucken, vu wéi Subventiounsgelder een provisoriere kann, fir Cliärref méi fit fir d'Zukunft ze maachen.

2. TRANSPARENZ A MËI BIERGER- BEDEELEGUNG

Als Piratepartei setze mir eis fir eng beschtméiglechst Biergerbedeelegung an. Fir datt e Maximum u Leit sech awer beim Entscheidungsprozess an der Gemegepolitik abrénge kënnen, ass et eng onverzichtbar Virraussetzung, datt all Bierger och un all d'Informatiounen komme müssen, déi fir eng fundéiert Entscheidung noutwenneg sinn. Mir wëllen am nächste Gemengerot eng Reih Mesure proposéieren, fir d'Gemengenpolitik fir de Bierger wesentlech méi transparent ze maachen:

2.1. GEMENGEROTSSÄTZUNGEN LIVE STREAMEN!

Jiddwer Bierger soll d'Versammlungen net nëmme sur place, mee och via Internet suivéieren kënnen. Esou kënnen sech och Leit informéieren, déi manner mobil sinn oder déi während de Gemengerotsversammlungen schaffen resp. an d'Schoul ginn. D'Opnahmen sollen dono an enger entsprecherender Rubrik op der Websäit archivéiert ginn.

2.2. MËI GEBRAUCH VU WEBSÄIT AN NEWSLETTER MAACHEN

Eng Transparenz-Offensiv, déi wesentlech méi einfach a bëlleg ëmzesetzen ass, ass de méi konsequente Gebrauch vu Website an Newsletter. Hei sollten déi méi wichteg Saachen ewéi Gemengebudget an divers Informatiounsmaterial zu Projeten ze fannen sinn. Dëst setzt awer och en Ëmdenken vun allen Bedeelegten viraus, ugefaangen beim Gemengerot, iwwert d'Gemengenadministratioun bis bei aner Acteuren, déi zum ëffentlechen Liewen an der Gemeng bäidroen.

2.3. INTERAKTIVEN AUSTAUSCH MAM BIERGER

Vill Leit haale sech méi oder manner dack op de sozialen Netzwierker op. Et ass dofir net verständlech, wisou d'Gemeng Cliärref als zoukënftege #FutureHub vum Norden de Wee nach ëmmer net op Facebook, Twitter a Co. fonnt huet. Hei ass et ouni finanziellen Opwand ganz einfach méiglech, Veranstaltungen a wichteg Informatiounen mat de Leit ze deelen a mat Awwinner an Touristen direkt a Kontakt ze trieden.

2.4. PLAZ VUN ENGEM PR-AGENT SCHAAFEN!

Fir d'Online-Präsenz vun der Gemeng ze optiméieren an d'Transparenz-Offensiv konsequent virunzedreiwien, sollt d'Gemeng d'Plaz vun engem Gemegebeamten schaafe, dee sech ëm dës Voleten këmmert. Donierft kéint dësem Agent e méi koordinéierten Austausch tëscht Initiativen ewéi dem Tourist Center, der Cité de l'image, dem Cube 521 etc. iwwerhuelen, fir esou d'Mark "Cliärref" méi gezilt ze promouvéieren.

2.5. E CODE DE DÉONTOLOGIE OCH FIR D'GEMENGERËIT!

Nodeems sech d'Chamber en Déontologiescode ginn huet, si mir der Meenung, datt och d'Gemengerëit sech esou e Code opereleeë sollen. Mir fueren ausserdeem, datt all d'Gemengerëit hir Nieweverdéngschter offeleen, fir datt vis-à-vis vum Bierger eng Transparenz hisiichtlech eventuellen Interessenskonflikter besteet. D'Piraten am Gemengerot wäerten dëst ab dem éischten Dag maachen. Desweideren wäerten gewielte Piratevertrieder iwwert hir Aarbecht am Gemengerot op engem eegens dofir bereetgestallte Site an méiglechst transparenter Form berichten.

2.5. MËI BIERGERBEDEELEGUNG

Mir wëllen als Piraten de Bierger och tëscht de Walen d'Méiglechkeet bidden, fir aktiv d'Gemegepolitik matbestëmmen ze kënnen:

- Reegelméisseg Biergerversammlungen!

Mir sinn der Meenung, datt de Gemengerot a reegelméisseg Ofstänn d'Bierger op Informatiounsversammlunge Ried an Äntwert stoe sollt an esou och eng Plattform bidde sollt, wou d'Awunner eegen Iddien ustousse kënnen.

- 10% vum Gemeindebudget fir Biergerprojeten!
Mir setzen eis dofir an, datt am Gemeindebudget 10% vun de Gelder fir Projeten reservéiert solle ginn, déi vun de Bierger selwer bestëmmt kënnen ginn.
- Däin Untrag am Gemengerot! D'Piraten huelen d'Wuert „Biergerbedeelegung“ echt! Mir setzen eis dofir an, datt d'Bierger hir Untreeg an de Gemengerot komme sollen. Bis d'Gemeng dat selwer ëmsetzt, bidde mir, am Fall wou Piraten an de Gemengerot gewielt ginn, mam OpenAntrag eng Mëglechkeet, wou de Piratenvertrieder e Biergeruntrag op d'Dagesuerdnung vun de Gemengerotssätzungen setzt.
- Reegelméisseg kommunal Referenden fir gréisser Projeten:
Bei Projeten déi iwwer 5 Milliounen Euro am Extraordinär kaschten, wënsche mir eis reegelméisseg kommunal Referenden fir datt esou all Bierger ka matentscheeden ob dës Projeten wierklech sënnvoll sinn. Bei lokale Projeten sollt dës Referendum op de Uertschaft, déi betraff ass, limitéiert sinn. Fir dës net ze komplizéiert ze maachen, proposéiere mir dës Referenden eemol d'Joer ronderëm d'Ofstëmmung vum Budget am Gemengerot duerchzeféieren.
- Ausleidend Dossierer och digital publizéieren.
Am Kader vu ville Prozeduren (PAG, PAP, Baugeneemegung, ...) ginn Dossierer op der Gemeng ausgeluecht fir datt interesséiert Bierger se kënnen kucke goen. Leider muss een sech dann engersäits während den Öffnungszäiten dohinner beweegen an anerersäits sinn dës Dossierer meeschtens zimlech ëmfragräich.

Dofir fuerdere mir, datt dës Dossierer och digital an ouni Ufro zur Verfügung gestallt ginn, sou datt méi Bierger eng Chance hunn dës Dossierer am Detail ze kucken.

2.6. ALL D'DOKUMENTER ESOUWÉI DE WEBSITE KONSEQUENT AN ALL D'AMTSSPROOCHEN UBIDDEN

All Dokumenter déi d'Gemeng zur Verfügung stellt sollen an allen Amtssproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch) a punktuell a weidere Sproochen disponibel sinn. Dës erlaabt en méi einfachen Zougang zu den Dokumenter a Formulaire fir jiddereen a valoriséiert zousätzlech eis Landessprooch.

3. CLIÄRREF: DEN NEIEN HOTSPOT FIR INNOVATIOUN & KREATIVITÉIT AM NORDEN!

D’Gemeng Cliärref wäert an den nächste Joeren ëmmer méi u Bedeitung gewannen. Grad mam neie Lycée „Edward Steichen“ an dem domadder anhirgoende Label „#Futurehub vum Norden“ wäert sech Cliärref enorm entwéckelen. Mir sinn der Meenung, dass een dëst elo schon proaktiv mat neien an innovativen Iddien begleeten a steiere soll.

3.1. DE LYCÉE BESCHTMËIGLECHST AN EIS GEMENG INTEGRÉIEREN!

Mir begréissen, dass sech d’Gemeng an de leschte Méint a Joeren ëm eng gutt Zesummenaarbecht mat der Regierung bei der Entwécklung vum Lycée Edward Steichen beméit huet. Mir wëllen dës Zesummenaarbecht weider virundreiwen an och dofir suergen, dass de Lycée beschtmëiglechst an eis Gemeng integréiert gëtt. Dozou gehéieren zum engen d’Adaptéierung vun de Stroossen am direkten Ëmfeld, mee och d’gastronomesch Offeren, déi op d’Schüler zougesechnidde sinn. Awer och eng adäquat Fräizäitoffer ass wichteg, fir dass eis Cliärref och ausserhallef vun der Schoulzäit mat Liewe gefëllt gëtt. D’Piraten wëllen an dësem Kontext ë.a. folgend Punkten ëmsetzen:

- D’Grandrue vun der BeNeLux-Plaz bis bei d’Altersheem an e Shared Space ëmwandelen, fir dës enk Strooss méi sécher ze maachen.
- Den ëffentlechen Transport un den Lycée upassen.
- Eng schülerfrëndlech gastronomesch Offer bidden, dëst och a Partnerschaft mat besteende Betriiber.

- Ëffentlech Plazen opwäerten souwéi eng nei Place de rencontre tëscht dem Stadkäer an dem Lycée schaafe.
- Eidelstoend Geschäftsräim ofkaafen resp. uloune an der Jugend fir beispillsweis Ausstellungen, Kënschtleratelieren, Workshops an ähnlechtes zur Verfügung stellen.

3.2. #CREATIVEHUB - D’KREATIVITÉIT BEI DER JUGEND FÖRDEREN!

Als „Cité de l’image“ huet Cliärref sech selwer en Numm ginn, deem een elo och gerecht muss ginn. D’Wal vum Edward Steichen als Namenspatroun fir de Lycée ass dann och e Versprechen un d’Zukunft vu Cliärref. Sech dobäi just alleng op d’Zuchpäerd „Family of Men“ ze verlossen, gëtt deem allerdéngs net gerecht. Mir wëllen dofir dem #FutureHub och en #CreativeHub un d’Säit stellen! Eis Iddien fir Cliärref als kënschtlerschen Hotspot am Norden:

- E #CreativeHub schaafe: D’Gemeng sollt der Jugend an och méi eelere Konschtschaaferen Räim zur Verfügung stellen, wou si sech begéinen a fräi entfaale kënnen. En Deel vun de Räim soll esou fir Projete kuerzzäiteg käschtefräi zur Verfügung gestallt ginn, den aneren Deel och längerfristeg duerch e Stipendium oder fir en abordabele Präis.

De #CreativeHub gesi mir als Gebai, mat eenzele Räim an engem gemeinsamen OpenSpace, wou een ënnerteneen a mat Interesséierten Awunner a Kontakt kënt.

- Eidelstoend Räimlechkeeten kënnen duerch Ukaaf oder Pacht vun der Gemeng als Veranstaltungsfläch fir Ausstellungen mat an d’Offer vum #CreativeHub integréiert ginn. Dës Flächen sollen och vum Lycée Edward Steichen genotzt kënnen ginn, fir den Passanten esou d’Aarbechte vun de Schüler am kreative Beräich méi nozebréngen.

3.3. PRÄIS „EDWARD STEICHEN“ AN E FESTIVAL VUM BILD!

Fir Cliärref och iwwert d'Grenzen eraus méi bekannt als Stad vum Bild ze maachen, ënnerstëtze mir d'Schaafung vun engem Konschtpräis „Edward Steichen“, deen un Nowuestalenter an och u professionell Fotografen vergi soll ginn. Dëst bréngt der Gemeng eng gréisser international Renomé an fördert och den Tourismus.

Dëse Präis soll an eng Festival-Woch agebett sinn, déi mat Workshops, Ausstellungen an ëffentlechen Evenementer ewéi Lasershows soll begleet ginn.

3.4. HËLLEF FIR JONKEN ENTREPRENEURSGEESCHT!

Wa Cliärref dem Numm vum #FutureHub vum Norden wëll gerecht ginn, sollte mer och versichen, jonk an dynamesch Entwéckler an Entrepreneuren eng Plaz an eiser Gemeng ze ginn. Mir wëllen jonke Startup's, déi sech besonnesch um Gebidd vun der „green Economy“ engagéieren, beim Fousfaassen ënnerstëtzen.

Mir proposéieren do beispillsweis fir jonk Leit, déi esou e Business opbaue wëllen, d'Gewerbesteier am éischte Joer ze erloossen an dono progressiv ze erhéigen, bis se dann no e puer Joer um obligatoreschen Prozentsaz vun 20% ukommen. Eis Gemeng als haaptsächlech ländlech gepreegte Géigend a Member vum Naturpark Our sollt sech als Heemescht fir Entrepreneuren, déi sech ëm sozial Inklusioun an ëmweldfrëndlech Innovatiounen beméihen, landeswäit etabléieren.

3.5. ËFFENTLECHEN WIFI-RÉSEAU FIR CLIÄRREF!

Am Zäitalter vun der digitaler Kommunikatioun gesi mir et als Essentiell, datt all Bierger Zougang zu Informatiounen huet. An dësem Kontext wëlle mir d'Gemeng Cliärref duerch d'Bereetstelle vu gratis ëffentlechen WLAN fir eis Awunner an och d'Touristen nach méi attraktiv maachen. Fir dëse Plang ze verwierklechen, soll d'Gemeng op staatlech an europäesch Gelddëppen

zeréckgräifen. Esou zum Beispill huet d'EU am Meet 2017 en Aktiounsplang lancéiert, mam Zil bis 2019 eng 6000 bis 8000 Gemengen an der EU duerch Subsiden mat ëffentlech WLAN-Réseauen auszustatten, deen de Bierger op ëffentlechen Plazen onkomplizéierten Accès zu séierem Internet bidd. D'Gemeng Cliärref brauch déi Gelder just unzefroen.

4. ENG NOHALTEG ËMWELTPOLITIK FIR CLIÄRREF!

Als eng Naturparkgemeng, déi net nëmmen op touristeschem Plang vun de flotten Naturlandschaften profitéiert, mee och duerch d'Agrikultur gepreegt ass, hu mir alleguerten och nach e vill méi elementart Interessi un enger gesonder Ëmwelt: wann et eisem Ökosystem gutt geet, geet et och eis gutt!

4.1. MIR BRAUCHEN ENG AKTUELL BESTANDSOPNAHM

Als Pirate schwätze mer eis géint jiddwer muttwëllegen Agrëff an eis Ëmwelt aus, deen eisen Ökosystem nohalteg schuede giff. Mir wëllen dofir am nächste Gemengerot eng Analys an Optrag ginn, déi beschreiw, wéi et ëm d'Ëmwelt an eiser Gemeng bestallt ass, fir esou an Zukunft bei neie Projeten besser aschätzen ze kënnen, wat a welcher Ausféierung op wéi enger Plaz ëmgesat kann an dierf ginn.

4.2. MÉI INVESTITIOUNEN AN ERNEIERBAREN ENERGIEN

Et ass well eng Selbstverständlechkeet, datt mer méi am Beräich vun den erneierbaren Energie musse maachen. D'Cliärrwer Piraten wëllen hei all Projet ënnerstëtzen, deen eis méi onofhängeg vun den „alen Energien“ mécht. D'Gemeng muss do awer och scho bei sech selwer ufänken. Mir fuerderen dofir, datt all eis Gemeindegebaier mat Solarpanelen ausgerëscht an Altbauten sanéiert ginn, do wou et méiglech ass mat staatlecher Ënnerstëtzung. Bei neien ëffentleche Gebaier soll den Aspekt vun engem ëmweltschonenden

Betrieb esou gutt wéi méiglech schon an d'Planung matafléissen.

4.3. URBAN GARDENING

Als ländlech gepreegten Gemeng ass d'Agrikultur an d'Natur fir eis Gemeng immens wichteg. Dëst wëlle mer och eise Jéngste vermëttelen. Zousätzlech zu der schonns bestoenden pädagogeschen Offeren vun der Robbescheier, wëlle mer ë.a. um Terrain vun der Reiler Grondschoul, mee awer och zu Cliärrref e Pilotprojet vun engem „Urban Gardening“ ustoussen. Hei handelt et sech ëm Gemeinschaftsgäert, déi vun de Schoukllassen resp. vun den Awunner zesummen gepflegt ginn, dëst ënner Berodung an Mathëllef vun eise Gemengenaarbechter.

Mir wëllen an deem Kontext och eng Iddi aus der Integratiounskommissioun ëmsetzen, déi op dësem Wee d'Inklusioun vun neien Awunner an Schutzsichenden fördern giffen.

Bei Interessi soll d'Gemeng och den Urban Gardening an den aneren Dierfer an eiser Gemeng fördern.

4.4. ENG PROPPER LOFT!

Déi lescht Joeren hu gewisen, datt eis Industriezonen ëmmer méi staark ausgebaut ginn. Mir setzen eis fir Kompensatiounsmoosnamen an a fuerderen eng verstärkten Iwwerwaachung vun der Loftqualitéit. Och eng d'Protectioun vum Kaméidi an d'Belaaschtung vun de Gebidder ronderem muss am Aa behale ginn.

4.5. PRIVAT INITIATIVEN FÖRDEREN

Vereenzelt ginn et an eisen Dierfer nach „Grouss Botz“-Aktiounen gestart. Mir fannen dës Initiativen, déi vun de Bierger selwer ausginn, immens sympahtesch a wëllen datt d'Gemeng dës weider ënnerstëtzt an och an den aneren Uertschaften ureegt. D'Aarbecht vun den Awunner soll, beispillsweis duerch eng uschléissend Aktivitéit méi gewertschätzt ginn. Zousätzlech wëlle mer um „Dag vun der Ëmwelt“ (5. Juni) mat Aktiounen d'Awunner méi fir hir Ëmwelt sensibiliséieren.

Awunner, Veräiner a Betriiber, déi sech fir méi ëmweltfrëndlecht Wunnen interesséieren oder Initiativen proposéieren, fir déi der Ëmtwelt zegutt kommen, sollen vun der Gemeng beroden an no Méiglechkeet ënnerstëtzt ginn.

4.6. LOKAL PRODUITEN PROMOUVÉIEREN

Mir ënnerstëtzen gäeren eis lokal Produzenten a schléissen eis der Iddi un, eng zentral Plaz ze schaafe, wou lokal Produiten aus der Gemeng an aus dem Naturpark verkaaf kënne ginn. Fir dem Ausstiewen vun der Cliärrwer Foussgängerzon entgéint ze wierken an de Fokus op Produiten ze leeën, déi een net op all Eck fënnt, ënnerstëtze mer d'Iddi, fir d'Ariichte vun engem Butték an der Foussgängerzon, wou dës Produiten verkaaf kënne ginn.

Mir wëllen och d'Zesummenaarbecht am Naturpark Our intensivéieren. D'Gemeng soll regelméisseg iwwerpréifen, op z.b. an der Grondschoul oder an aneren gemengeneegen Ariichtungen an Evenementer op lokal Produiten zeréckgegraff ka ginn.

